Dr. Claudine Mardaga

# Jugendsexualitéit

Ech hunn zwou Noriichten: eng schlecht an eng gudd.

## Déi schlecht

Jidder véiert 15-jähregt Meedchen hat schonns Sex – a bedauert et!

Leider hu mir hei zu Lëtzebuerg kaum statistesch Zuelen, duerfir baséieren ech mech op Däitschland. D'Bundeszentrale für gesundheitliche Aufklärung (BzgA) huet 2005 eng repräsentativ Widderhuelungsbefroung bei 14- bis 17-Jähregen gemaach an dat och bei hiren Elteren.

An allen Altersgruppen hunn d'Meedercher méi sexuell Erfahrunge wéi d'Jongen. Zum Beispill hu schonns mat 14 Joer 12% vun de Meedercher an „nëmmen" 10% vun de Jonge Geschlechtsverkéiererfahrungen. Dës Zuel huet sech säit 2001 bei de 14-jährege Meedercher net relevant verännert. Awer dat ass net de Fall bei de 17-Jähregen! Vu 66% op 73%.

## Wéi kënnt dat?

Den Alter vun der Pubertéit geet ëmmer méi erof an de westleche Länner, an dat souwuel bei de Meedercher wéi och bei de Jongen. Eng Haaptursaach ass d'Ernährung an d'Ëmwelt. Déi sougenannte besser Ernährung enthält heiansdo Sexualhormoner, souguer an eisem Krunnewaasser kann een déi och heiansdo fannen.

Méi eng fréi Pubertéit bréngt och méi eng fréi Geschlechtsräifheet mat sech. Als Beispill duerfir: den Alter vun der éischter Regel oder éischter Ejakulatioun verschiibt sech pro Joer ëm zwee Méint no fir. D'Meedercher, déi Mëtt de 60er Jore gebuer sinn, hunn am Duerchschnëtt hir éischt Regel mat 13,5 Joer kritt, Enn de 70er mat 12,2 Joer, 2005 mat 11 Joer. Fir d'Joer 2010 prognostizéiert de Sexualforscher Norbert Kluge, datt Jongen a Meedercher mat 10 Joer geschlechtsräif sinn!

## Mä si se wierklech räif fir Sex?

Fannen Teenager ëmmer méi fréie Sex „cool"? Nee! Laut BzgA wënsche sech 80% vun de Meedercher, si hätten nach mam éischte Sex gewaart.

D'Diskrepanz tëschent der physescher an der geeschteg-psychescher Sexualräifheet gëtt ëmmer méi grouss. Dobäi huet d'Sexualitéit ganz vill mat Verantwortung ze dinn, mat zwëschemënschlecher Bezéiung, mat Matmënschlechkeet, mat Bannen, Toleranz a Respekt, mä awer och mat villen Ängschten. An dat kënnt alles ze kuerz, wann déi physesch Räif zwar do ass, awer d'Séil hannendrun hänkt.

En immensen Impakt hunn d'Medien: *Bravo, Mädchen* asw., d'Tëlee (RTL „Schulmädchen"), MTV an all déi Talkshowen. Déi kommen net owes spéit, mä zu enger Teenager-kompatibler Zäit. Och d'Pharmaindustrie spillt keng onwesentlech Roll. Si entwéckelt ëmmer nei Pëlle fir ëmmer méi jonk Meedercher oder Antibabypëllen, wou een net bäihëlt oder souguer ofhëlt (Reklamm op der däitscher Tëlee).

© life sparks photography



*Dr. Claudine Mardaga ass Médecin directeur am Planning familial.*



Déi Jonk geroden ënnert immensem Drock. Vill mengen, datt déi aner an hirem Alter schonns Sex haten.

Als Beispill aus eiser Praxis vu jonke Meedercher, déi nach kee Verkéier haten: „Sinn ech normal? Sinn ech keng Lesbe?" – „Meng Frëndinnen hu mech geschéckt. Eppes stëmmt mat mir net."

Dobäi ass Villes nëmme Prahlerei!

Awer an deem Alter huet een nach ganz vill aner Problemer: Rebellioun géint d'Elteren, den Establishment, d'Pubertéit, de Wee vum Kand zum Erwuessenen ze fannen. Vun den Eltere fillt ee sech oft verlooss. Déi Jonk (virun allem d'Meedercher) sichen Unerkennung a Léift. An duerfir si se bereet en héije Präis ze bezuelen!

Mat Sex: „Hat oder hien ass jo frou mat mir!" A schliisslech seet dat och d'Frau Sommer am *Bravo.*

Dovunner profitéieren nëmmen déi sougenannten „Teeniezeitungen", Tëlee-Sendungen, Handy and Internetsiten. De jonke Mënsch zielt net, nëmmen d'Geschäft. An dat féiert äis zum Thema…

## Pornographie

Ech hu virdru gesot, dat déi Jonk sech oft vun den Eltere verlooss fillen. Kann een dat änneren? Oft gi Mamm a Papp schaffen, kënne si net iwwerwaachen, hu keng Gedold fir si (well si sinn owes midd), d'Kontroll ass net méiglech an och oft net d'Léift, déi di Jonk brauchen. Fréier hunn d'Elteren hire Kanner Wäerter vermëttelt, ganz wichteg Wäerter. Dat ass haut oft net méi de Fall, si hu keng Zäit méi! Responsabel Eltere versichen nach, hir Kanner virum „Pornofloss" op der Tëlee oder um Internet ze schützen. Mir wëssen awer, dat eis Teenië sech besser um PC auskenne wéi hir Elteren. Eng Blockade ass fir déi kee Problem. Och brauche se haut keng Kreditkaart méi, fir un d'Pornofilmer um Internet ze kommen. Dat ass eng Illusioun vun den Erwuessenen. Fréier war den Net och vill méi lues; ee Jonken hätt schonns laang d'Gedold verluer. Haut kann een an 20 Minuten 20 kleng Pornoklippen kucken. An dat och op der Tëlee. Den DSF weist vun 23 Auer un Pornoclippen an et ginn och aner Senderen déi 091-Nummere weisen. Aus der Education sexuelle wësse mir, datt per Handy kleng Filmer oder Clippe verschéckt ginn. Souguer géint de Wëlle vun Empfänger/in (MMS, Bluetooth).

Allgemeng kann ee soen: D'Pornografiséierung vun de Jonken, virun allem de Jongen, ass gravéierend. 9- bis 10-Jähreger kënne sech am Net Sex- a Pornosäiten ukucken. An dat sinn total Fehlinformatiounen. Et werft e falscht Bild op d'Fra: all Zäit bereet, all Positiounen, an ëmmer Plëséier!? Wou bleift do d'Léift?

**Net selte gëtt d'Pëll oder en anert Verhütungsmëttel einfach vergiess. Déi berechtegt Fro ass: besteet do net heiansdo en onbewosste Kannerwonsch?**

Aus eise Coursen iwwer Sexualerzéiung: 12-jähreg Jonge froe sech, firwat d'Fraen Oralsex mat Ejakulatioun gären hunn. Idem fir den Analsex.

Dat féiert zur Virspillung vu falschen Tatsaachen, zur Verkéierung vun der Realitéit – Phantasmë vun de Männer, déi dat nämmlecht vun hirer Partnerin verlaangen.

## Verhütung

Aus Erfahrung wësse mer: je besser d'Erzéiung, ëmsou korrekter a konsequenter de Gebrauch vun de verschiddene Verhütungsmëttelen. Je besser d'Opklärung doheem an och d'Vertrauen, desto méi grouss de Sënn fir Responsabilitéit. Natierlech, Ausnahme ginn et ëmmer.

Wann och ëmmer méi Jugendlecher soen, se géifen all Kéiers e Gummi gebrauchen, ass dat nach laang net ëmmer wouer. Oft erziele se äis wat mir gären héieren. Aus eiser deeglecher Praxis wësse mir: soubal d'Meedchen d'Pëll hëlt, verzicht de Jong gären op de Gummi. AIDS ass kaum nach en Thema, vun de sexuell iwwerdrobare Krankheeten net ze schwätzen.

Net selte gëtt d'Pëll oder en anert Verhütungsmëttel einfach vergiess. Déi berechtegt Fro ass: besteet do net heiansdo en onbewosste Kannerwonsch?

Bei der éischter Kéier gëtt net ëmmer verhütet. Souwuel d'Jonge wéi och d'Meedercher haten net domadde gerechent; se goufe vun der Situatioun total iwwerrompelt. Och vertraue vill Meedercher total hirem Frënd: „Hie passt schonn op a weess wat e mécht!" En anert Beispill aus eiser Praxis: „Déi dräi éischte Kéiere gëtt een net schwanger!"

## Kannerwonsch

Heiansdo besteet bei Mannerjähregen e konkrete Kannerwonsch. Wou läit do d'Ursaach? Sécher zum groussen Deel un engem Mangel un adäquater Opklärung. Hei e puer Aussoe vun Teenië mat Kannerwonsch:




„Wann ech e Kand hunn, ass endlech een do, dee mech gären huet a mech brauch."

„Ech hu kee Bock op d'Schoul a schaffe wëll ech net goen."

„Ech wëll wëssen, ob ech eng richteg Fra sinn an net méi e klengt Meedchen. Ech ka Verantwortung iwwerhuelen."

„E Baby ass eppes Léiwes, dat ee ka knuddelen. Meng Frëndin huet e Puppelchen an dat ass esou glécklech." (Trittbrettphänomen)

Et ginn nach vill aner Grënn. Mä wat maachen, wann dëse Wonsch an d'Realitéit ëmgesat gëtt an op eemol déi Schwangerschaft net méi erwënscht ass? Oder wann d'Schwangerschaft ongewollt ass?

## „On"gewollte Schwangerschaft

Eng Léisung ass a bléift d'Ofdreiwung! Bei ganz jonken Teenien zum Beispill, 13- bis 15-Jähreger, ass dat sécher eng medezinesch Indikatioun an absolut kompatibel mat eisem Ofdreiwungsgesetz. Mä déi vertuschen oder ignoréiere ganz oft hiren Zoustand. A wann dann d'Schwangerschaft endlech entdeckt gëtt, ass et meeschtens ze spéit fir eng Ofdreiwung. Mir um Planning gesi ganz sielen esou jonk schwanger Meedercher. Aus eisen Statistiken vun 2006: Ufro fir eng Ofdreiwung vu Meedercher ënnert 16 Joer, 2%; vu Meedercher tëschent 16 an ënner 20 Joer, 19%.

Wann dës Teenien bei eis kommen, leeë mir hinnen un d'Häerz, mat hiren Elteren ze schwätzen. Maache se dat, da gesi mir se meeschtens net méi erëm. Hir Mamme hu se mat bei hire Fraendokter geholl.

Mä leider ginn et etlech Jugendlecher, déi net wëllen, dat hir Elteren informéiert ginn. Oft aus Angscht viru Represalien. Dëse jonke Meedercher bléift dann nëmmen de Wee an d'Ausland, well hei zu Lëtzebuerg muss de legalen Tuteur säi schrëftlechen Accord ginn. Dësen „Ofdreiwungstourismus", deen iwwregens net nëmmen déi Mannerjähreg betrëfft, mussen déi Jonk aus hirer Täsch bezuelen: +/- 350 Euro eleng fir d'Ofdreiwung. Si léinen d'Sue bei hire Kollegen. Dat mécht en zousätzleche psychesche Stress, niewent all deenen anere Strapazen: organiséiere vun der Zuch- bzw. Autorees, sech am Ausland erëmfannen, Angscht virum Agrëff…! Eng batter Bestrofung fir e klenge „Faux pas"!

## An elo déi gudd Noriicht

Etudë weisen, dat ëmmer manner Meedercher Sex „him zu léift" maachen. Dofir loosst eis hinnen hëllefen, déi Entscheedung dann zum richtegen Zäitpunkt ze treffen, wa se dat néidegt Wëssen hunn a sech iwwer all Konsequenze bewosst sinn.

Duerfir ass och d'Kollaboratioun tëscht all de Ministèrë vun der Santé, der Famill, der Education nationale an all engagéierten Associatiounen esou wichteg.


## Diversité culturelle & Droits culturels Pour quoi faire ?

**Jeudi 24 mai 2007, 18 h 30**

Conférence-débat : Les enjeux de la Convention Unesco sur la diversité culturelle

avec la participation de Mr Patrice Meyer-Bisch et Raymond Weber
modération Carole Schimmer (radio 100,7)

**Vendredi 25 mai 2007, 9 h 00 à 17 h 00**

Séminaire avec conférences et ateliers
pour plus d'informations : www.ifs.lu

Inscription :
- par téléphone : +352 44743-339
- par mail : ifs@ifs.lu
- par courrier : Institut de formation sociale, Frédéric Mertz
5, avenue Marie-Thérèse L-2132 Luxembourg

Participation aux frais : gratuit

Inscription souhaitée avant le 11 mai 2007.

Lieu des manifestations :
Centre culturel de rencontre Abbaye de Neumünster
28, rue Münster L-2160 Luxembourg